

Här President,

Mär hunn gëschter Mëttteg déi viirleefeg leschte Ried vum Premier Xavier Bettel héieren. Et woar eng Ried an daer versicht ginn ass, de Bilan ze zéien. De Bilan vun der Regierungspolitik vun dëser Koalitioun, déi ugetrueden woar, d'Fensteren grouss opzerappen d'Land erem no viir ze bréngen.

....

Déi Fro, déi sëch d'Regierung gefalen loosene muss ass an un daer se gemooss gëtt: Geet et dem Land dann wirklech besser, ass et besser preparéiert op d'Zukunft? Geet et de Leit an deem Land besser? Hunn Jonker haut méi a besser Perspektiven ewéi nach virun 5 Joër? Ass eng Politik gemeet am Interessi vun de Leit ?

D'Vertrieder vun de Regierungsparteien soen natierlech: Jo.

A Wann een hiiren **Tunnelbléck** entwéckelt, an sëch jhust déi Zuelen ukuckt, déi engem an de Krom passen, dann kann een den Premier esouguer verstoën:

d'Staatsfinanzen spruddelen, d'Wirtschaft boomt a och fir déi nächsten Joëren gëtt weider mat rekordverdächtige Wuesstumszuelen gerechent.

An jo, daat bedäit natierlech och, datt et bestëmmten Deeler vun der Populatioun besser geet wéi virun 5 Joër.

De **Multinationale Boiten** an **Superräicher** geet et ganz gudd zu Lëtzebuerg, esouguer exzellent.

Och waerten sëch d'Perspektiven vun **Groussgrondbesëtzer** an **Immobilienpekulanten** verbessern. **Steieroptimiséierungsfirmer** geet et blendend, grad esou ewéi den Détenteuren vun **Bréifboitengesellschaften**.

All denen, déi vun hiirem Kapital liewen geet et op jiddefall prächtig.

Mee:

geet et och denen Leit besser, déi vun hirer Oarbécht liewen?

Ass eist Land, eis Gesellschaft an denen leschten 5 Joër éischer zesammengewuess oder hunn mer eis ausenangeliewt an liewen an Parallel-universen, wou d'Liewenskonditiounen vun denen engen an denen aneren ëmmer manner mateneen ze dinn hunn?

Ass d'sozial Kohäsioun am Land méi grouss ginn, oder huet sëch d'sozial Keelt nach weider breet gemeet?

No 5 Joër DP-LSAP-Gréng-Regierung muss een eng batter Feststellung maachen: déi Räich sinn méi räich ginn an déi oarm méi oarm. Déi **sozial Ongläichheeten** hei am Land sinn enorm geklomm, an ëmmer méi Leit kréien déi zwéin Enner um Enn vum Mount net méi zesummen.

Dëst ass daat gréisstent Versoën vun dëser Regierung. Mee dovunner huet de Premier kee Wuert verluer.

No denen aktuellsten Zuelen ass baal all 5. hei am Land vun **Oarmut oder sozialer Ausgrenzung** bedroht, esou vill wéi nach nie virdrunn. Den Oarmutsrisiko huet en negativen Rekord erreicht. An nët nëmmen daat: d'Salariatskummer huet an hiirem Sozialpanorama nogewissen, datt och **d'Intensitéit vun der Oarmut** zouhëllt, d.h. datt ëmmer méi Leit ganz weit ewech sinn, aus daer Situatioun erauszekommen. Och dëst gehéiert zum Bilan vun dëser Regierung.

Den Oarmutsrisiko klëmmt an klëmmt an amplaaft resolut dogéint virzegoën huet d'Regierung eng Etüd an Optraag ginn, fir erauszefannen, waat een dann am speziellen Lëtzebuergësch Kontext bräicht fir iwwer d'Ronnen ze kommen: den sougenannten **Budget de reference**.

A waat ass erauskomm? Ma datt e Mënsch fir mënschewürdeg zu Lëtzebuerg ze liewen wesentlech méi Akommes brauch ewéi den international unerklanten Seuil vum Oarmutsrisiko.

A waat huet d'Regierung dunn gemeet? Ma se huet d'Etüd mol ganz ënnen an den Tirang geluecht. D'Konsequenz vun de Resultater vun daer Etüd ? Näischt. Einfach näischt.

Och nët beim REVIS, deen d'Regierung elo als Allheilmittel géint d'Veroarmung propagéiert. Esouwäit, datt esouguer de Staatsroot sech jhust wonneren kann, datt déi Montants vum neie **REVIS** kaum dozou déngen waerten, de Leit en mënschewürdegt Liewen ze garantéieren an d'sozial Inklusioun ze fördern.

Waat ech awer besonnesch schlëmm a bedenklech fannen, ass, datt d'Koalitionsparteien elo versichen, dës desastréis Zuelen versichen schéin ze rieden, andeems se soën, déi Leit hätten jo nei **Sachleeschungen** ze gudd, wéi z.B. Gratis-Kannerbetreung. Mee och bei dem alen Chèques-services-System hunn Mënschen an prekären Situatiounen quasi näischt missen bezuelen.

Domadder stellen ech de Prinzip vun der Gratis-Sachleeschung nët a Fro, stellen awer fest, datt een daat nët uféieren kann als Element am Kampf géint d'Oarmut. Do daerf een sech awer nët an d'Täsch léien.

Trotz engem enormen Wirtschaftswuesstum geet nawell den **Chômage** jhust **licht** zereck. En ass nach ëmmer op engem historësch héijen Niveau! An virun allem : e waert trotz weiderem Wuesstum an den nächsten Joëren nët ënner 5% falen. Daat heescht: datt mer trotz enormer Croissance nët méi zu den Zuelen virun der Finanzkrisis kommen waerten. Daat sinn definitiv kéng dichteg Perspektiven a schon guer kéng fir sech och nach domadder ze bretzen!

Här President,

Wann mer de Problem vum Chômage - an enger esou oppener Economie wéi déi Lëtzebuergesch - wëllen an de Grëff kréien, dann mussen mer jidderengem, deen hei *liewt*, schaffen *wëll* **AN schaffen** kann, och déi Méiglechkeet ginn, daat ze maachen.

An Oarbécht, gesellschaftlëch nätzlecher, gëtt et der méi wéi genuch. Do daerfen awer Leit net einfach geparkt an vun enger Mesür zur nächster weidergereecht ginn. Well domadder gëtt d'Prekaritéit an d'Perspektivlosegkeet einfach jhust verlängert.

Et muss d'Aufgab vun der ëffentlecher Hand sinn, daat **Recht op Oarbécht** och an der Realitéit ëmzesetzen. Dëst muss eng vun de Prioritéiten vun zukünfteger Politik sinn.

Awer esouguer Oarbécht schützt zu Lëtzebuerg schon laang net méi virun Oarmut. 12% vun denen déi schaffen sinn **Working Poor**. Och daat ass e Rekordwert, deen nach nie esou héich war. An deen och an Europa séngesgläichen sicht: jhust d'Kriselänner Spuenien an Griechenland hunn nach méi schlëmm Zuelen. Doriwwer kann een dach net ewech goën.

Déi sozial Schéier geet ëmmer weider auseneen. An daat gesinn mer ganz gudd bei den **Akommessënnerscheeder**: an den 90er an ugangs 2000er Joëren hunn déi iewecht 10% tëscht 5-6 mol esou Revenu gehaat wéi déi ënnescht 10%. Dunn zanter der Kriis war et ebeemool 6-7 esouvill an haut hunn déi iewegt 10% iwwer 8 mol esouvill Revenu wéi déi ënnescht 10%.

Dee selwëchte Phänomen gesinn mer bei den **Léin**: d'Kaafkraaft vun ënneschte Léin ass zanter 2010 jhust ëm 0,8% geklomm an bei den iewechten ëm 5,9%: also iwwer 7 mol méi wéi déi ënnescht.

A kéngem vun eisen Noppeschlänner ass den Brutto-Mindestloun esou no bei der Oarmutsgrenz wéi zu Lëtzebuerg, och daat weisen eis d'Zuelen. Duerfir brauchen mer dréngend eng **Erhéijung vum Mindestloun**: esouwuel duerch eng Erhéijung vum Bruttoloun ewéi och duerch steierlëch Entlaaschtungen vun den niddregen Salairen. Wien zu Lëtzebuerg Vollzäit schafft muss wéngstens **2000 Euro netto** um Enn des Mounts mat Heem huelen kënnen. E Mënsch, deen Vollzäit schafft, daerf net dem Oarmutsrisiko ausgesaat. Net an engem Land wéi Lëtzebuerg.

Et sinn och iwwerproportional vill **Froaën, déi** Oarbéchten maachen, déi um Mindestloun bezuelt ginn. En anstännegen Mindestloun ass och en Deel Geschlechtergerechtegkeet. Besonnesch fir déi, déi zanter iwwer 10 Joër hoart an engem Job schaffen an hiir Qualifikatioun nach ëmmer net unerkannt kréien. An daat sinn Oarbéchten, déi net einfach kënnen *delokalisiert* ginn. Et sin Servicer, déi hei am Land an Usproch geholl ginn.

Insgesamt geet hei am Land d'**Lounquot**, also den Undeel vun Léin um geschaafenen Räichtum, säit Joëren an Joerzénge zereck, wourop d'Caritas zurecht hiweist.

Dës deasstréis sozial Entwécklung hei am Land ass d'Resultat vun enger neoliberaler Austeritéitspolitik, déi certes d'Virgängerregierungen ugefaang haaten, mee déi och dës Regierung weidergefouert huet.

Dës Regierung huet gläich am Ufank e **Spuerpaak** präsentéiert mat enger Hellewull sozial ongerechten Mesüeren wéi der TVA-Erhéijung, dem Aspueren bei den Studentenboursen, der Reduzéierung vun den Familljenzoulaagen an dem Kannergeld.

Elo stellt d'Regierung daat esou duer, wéi wann dës Aspuerungen d'Virraussetzung gewiescht wieren, daat d'Economie elo nees brummt. Wier den Wirtschaftwuesstum dann manner héich ausgefall ouni dëse Spuerpaak? Wuel kaum. Mee: wann een jidderengem eppes ewechhëllt, dann verléieren déi am meeschten, déi wéineg hunn.

Här President,

Et gëtt och nach en anere Beräich an dem mer traurege Spëtzerreider an Europa sinn: an daat ass deen vun **der Oarbéchtszäit**. Mäer hunn zwar formal eng 40 Stonne-Woch, mee an der Moyenne schafft en Vollzäitbeschäftegten zu Lëtzebuerg baal *41 Stonnen*. An Europa leie mer do jhust virun: ... Griechenland. All déi aner Länner hunn däitlëch manner héich *reel* Oarbéchtszäiten.

Zanter iwwer 40 Joer hunn mäer hei am Land kéng Oarbéchtszäitverkierzung méi gehaat. Den gesellschaftlëche **Fortschrëtt**, d'**Digitaliséierung** an **Automatiséierung** an och d'**Verdichtung** vun der Oarbéchtszäit, also de **Stress** an séng Folgen **Burn-out** an **psychosozial Problemer**, sinn nët begleet duerch e Méi un Liewensqualitéit, duerch e méi un fräier Zäit, duerch e Méi un Selbstbestëmmung.

Vereenzelt Regierungsmemberen hunn daat zwar ëmmer nees ugeschwaat, mee ët ass awer näischt geschitt: weder eng *strukturell* Reduzéierung vun der Oarbéchtszäit, nach eng *partiell* an Form vun Oarbéchtszäitkonten iwwer déi en Salarié selbstbestëmmt verfügen kann.

An der däitscher Industrie, déi jo Exportweltmeeschter ass, déi also héichkompetitiv um Weltmoart ass, do gëtt ët schon laang eng **35-Stonne-Woch**. An haut gëtt do iwwer eng 28-Stonnen-Woch diskutéiert. Jhust zu Lëtzebuerg schéngt daat tabou ze sinn. Mäer mengen, daat mer deen Tabu brieche mussen.

Als Lénk sinn mer der Iwwerzeugung, daat ët héich Zäit gëtt, daat d'Mënschen endlëch och an de **Genoss vun de Friichten** vu den **technologëschen Fortschrëtter** an der Produktivitéitsentwécklung kommen. An daat mer eng Perspektiv zum Hamsterrad an deem vill Leit sëch gefaangen spieren, bidden mussen. Et gëtt Zäit fir eng *progressiv* an *strukturell* Reduzéierung vun der Oarbéchtszäit.

Här President,

Virun zimlech genee zwee Méint hu mäer hei an der Chamber eng Orientatiounsdebatt iwwer de **Logement** gefouert. De Problem mat dem mer mat Logementskris konfrontéiert sinn ass sou gewaltig, dass een sech zu Recht d'Fro stelle konnt, virwat een sech do nach orientéiere muss – no bal 5 Joer Legislaturperiod - wëll et gi just zwou Richtungen an déi ee sech bewege kann: entweder ët stécht een den Kapp a den Sand oder et geet een de Problem un.

D'Regierung huet sech fir déi éischt Optioun entscheed. Dat weist sech schonn alleng doduerch, dass säit dëser Debatt absolut näischt méi geschitt ass.

Et gouf kee Bilan an der Kommissioun gezunn, de Minister huet keng Conclusiounen gezunn, zumindest keng déi iegendwelch praktesch Konsequenzen hunn.

Déi Motiounen, déi hei gestëmmt goufen, leien also elo op engem Koup an do bleiwe se da wuel och leien, bis déi nächst Regierung de Logementsproblem erëm nei fir sech entdeckt.

Wou si mer haut drun? Wat ass de Bilan vun dëser Regierung?

Et fehlen massiv Wunnéngen. De Wirtschafts- a Sozialroot chiffriert de Besoin u Wunnéngen fir den Zäitraum 2010 bis 2030 **op 129.000 Wunnengen**. Mam aktuelle Rythmus wäert héchstens d'Hallschent vun dene Wunnengen iwwerhaupt gebaut ginn. De *Observatoire de l'Habitat* seet eis sou guer, dass all Joer **8000 Wunnéngen** misste bäikommen, och fir den historesche Réckstand opzehuelen. A fir zumindest d'Präisser, ob deem extrem héijen Niveau ze stabiliséieren an ët weider explodéieren ze doën.

D'Präisser klammen opgrond vun dësem décken Defizit enorm séier. Am Schnëtt klammen d'Präisser vun Wunnengen all Joer em circa 5%. Heiandsdo e bësse méi, heiandsdo e bësse manner. An de leschten 10 Joer sinn d'Loyer'en vun Appartementer em 45% ropgaang, vun Haiser souguer em 76%.

Wann een des Zuelen mat der Lounentwécklung vun de leschten 10 Joer vergläicht, da gesäit een e riesegt Lach. Dat Lach gëtt ëmmer méi grouss an et falen ëmmer méi Leit dran. Net nëmmen déi 20% vun Aarmut a sozialer Exklusioun bedrohte Leit – wéi wann dat net scho schlëmm genuch wir – mee och ëmmer méi Leit, déi zwar vläit nach gutt Paien hunn, mee ouni eegene Patrimoine keen Accès zu engem Kredit hunn oder ënnert der finanzieller Laascht zesummebriechen.

Eng Famill mat duerchschnëttlechem Revenu, déi eenzeg an alleng vun hirer Aarbécht liewt, kann zu Lëtzebuerg keng Existenz ouni finanziell Suergen opbauen.

Des Regierung alleng huet dat net ze verschëlden. Se huet awer an der **Kontinuitéit** vun der Politik vun den viiregte Regierungen gehandelt. Se huet keen Effort gemaach fir des Entwécklung ze änneren. De Premierminister weess dat selwer am beschten, dofir huet e gëschter a senger Ried kee Wuert iwwer de Logement verluer.

Mee wat hätt de Premierminister dann iwuer de Logement soe kënnen?

En hätt kéinten erklären, wéi d'Regierung méi Terrain'en wollt mobiliséieren, andem se **d'Steieren op der Mehrwertsteuer** erofgesat huet. An domatter virun allem Grondbesëtzer en zolitte Gefale gemaach huet, déi hieere Spekulationengewënn sou astieche konnten. Eng Wunneng méi wäert domatter net gebaut ginn.

En hätt kënnen vum der **Subvention Loyer** schwätzen, déi iwuer den Ëmwee vum Locataire, de Wee op de Bankkonto vum Propriétaire fënnt, wëll d'Loyerspräisser sou schnell klammen, dass déi Subventioun bei engem duerchschnëttleche Loyer schonn no zwee Joer opgefriess ass. Kee Stod wäert mat dëser Measure dem finanziellen Drock entgoen.

En hätt kënnen erklären, dass de **Rentefong** dem Fonds du Logement iergendwann 23 Appartementer zu Gréiwemaacher ofkafé wäert an dat als grouse öffentlech Wunnengsbauoffensiv verkaf ginn ass, obwuel duerch des Measure net eng eenzeg öffentlech Wunneng méi gebaut gëtt.

En hätt missten erklären, dass dës Regierung bereet ass, méi Suën a **Militärinvestitiounen** ze stiechen ewéi an de Wunnengsbau. Den Wunnengsbauministär bleiwt och weiderhinn chronesch ënnerfinazéiert.

En hätt missten erklären, dass déi **Baulandverträg** (en wahrscheinlëch zimmlëch zahnlose Tiger), déi hien 2014 ugekëengt huet, nach ëmmer um Instanzeweie virun sëch hin dümpelen.

Nieft der **Reform vum Fonds du Logement**, déi bis elo just Personal verbrannt a keng Wunneng méi ervirbruecht huet, ass dat et dann och schonn. Méi huet d'Regierung net zustane bruecht.

Virschléi ginn et der awer genuch, a mäer hunn déi meescht dervun an dëser Legislaturperiod selwer gemaach. Déi lescht Initiativ vun eis ass e Gesetz, fir d'**Loyersentwécklung** ze bremsen. Mee och an der Debatt vu virun zwee Méint hu mer 4 Texter hei presentéiert, déi Iddi'en beinhalten, wéi een un de wichtege Stellschrauwen am Logement dréie kéint.

Wann d'Regierung selwer Projet'en a Pläng hätt an Initiativ géif weisen, da kéint een novollzéien, wann eis Virschléi net debattéiert ginn.

Mee virum Hannergrond vun der Regierung hierem Bilan am Logement, ass d'Art a Weis wéi hei mat deser Thematik emgaange gëtt a ginn ass, einfach nëmmen onverantwortlech.

An daat ass daat 2. grousst Scheitern vum dëser Koalitioun.

Här President,

Zur Fro vun der Steiergerechtegkeet.

D'Regierung argumentéiert, si hätt jo no dem Austeritéitspaak mat der Steuerreform vun 2017 eng sozial Reform bedriwwen, bei daer quasi jiddereen, also och dii niddreg Salairen dovunner profitéieren hätten. An daat zu méi sozialer Gerechtegkeet géif bäidroën...

Esouguer déi europäesch Kommissioun huet an hiirem Country-by-country-Report virgerechent, datt ët alt nees déi iewecht 10% sinn, déi vun der Steuerreform proportional am meeschten profitéierten.

Den OGBL huet ausgerechent, datt eng Koppel, wou allen zwéin Vollzäit schaffen an den Mindestloun verdengen, mat 2 Kanner, haut no Sozialtransferts manner Suën iwwreg huet ewéi 2014, an inflatiounsberengt esouguer manner ewéi 2009.

Inflatiounsberengt heescht daat an Zuelen:

2009 hätt déi Koppel 4.028,38 euro no Steieren an Sozialtransferts iwwreg behalen,

2014 woaren daat der nach 3.969,09 euro

An haut 2018 mécht daat nach 3.870,72 euros aus.

Vu sozialer Gerechtegkeet kann do kéng Riets sinn. An ët fänkt een un ze verstoën, firwaat esouvill Leit Daag fir Daag struwelen fir iwwer d'Ronnen ze kommen.

Déi sozial Ongerechtegkeet hei am Land ass a groussen Zich hausgemaach. De Problem vun der sozialer Ausgrenzung an der Onfähegkeet vun der Politik fir Aarmut a Chômage am Land effektiv ze bekämpfen.... alles dat kann een op een eenzegen zentrale Constat erof briechen:

Et gëtt keng **Steiergerechtegkeet** hei zu Lëtzebuerg. Nët virun der dëser Steuerreform an schon guer nët duerno.

Wien säi Geld mat Oarbecht verdéngt, gëtt zu Lëtzebuerg ëm e Villfaches méi héich besteiert, wéi een, deen einfach seng Aktien oder Obligatiounen fir sech schaffe léist:

Dividende si jo mol direkt zu 50% vun der Steuer exoneréiert,

Plus-valuen op Finanztiteln si komplett fräi vun der Steuer, wann een se op mannst 6 Méint laang hält. De **Steierbarème** ass komplett iwwerholl, well e säit Jorzéngten net méi ugepasst gouf un déi reell Verdeelung vum Räichtum hei am Land.

Donieft ginn et da nach eng ganz Batterie vu legale Methoden, spezielle Fongen oder Steiernischen, déi et de grouse Fortunen erlaben, hire Steuerlaascht nach weider ze senken.

Oarbecht gëtt ëm e Villfaches méi héich besteiert wéi Kapital.

Dat heescht op gutt Lëtzebuergesch, datt déi schaffend Leit ganz einfach déi *domm* sinn: Zu Lëtzebuerg bezillt e Millionär, deen op de Finanzmäert spekuléiert, méi e niddregen effektive Steiertaux, wéi e Salaré mat engem durchschnittleche Salaré. Dat ass kee léinkt Märchen, dat ass eng Realitéit déi Aech all Steuerberoder ka bestätegen.

A bei der **Betriebsbesteierung** ass et d'selwecht. Och do ginn d'Steiretauxen stänneg weider erof gedréckt, sou datt dem Staat erëm Milliounen a Milliounen entginn.

A genee do leit de Problem. Wann een ëmmer nees nei Steiercadeau'en fir déi grouss Fortunen mécht, dann ass abemol kee Geld do, fir déi *sozial Problemer* seriö unzegoën, well déi, déi d'Geld hunn, (déi breet Schëlleren) net méi hire faire Beitrag zu der Gesellschaft leeschten.

An dat ass d'Schold vun deene Politiker, déi dës Spillregelen agefouert hunn a weiderhin op d'Spëtz dréiwen. Et ass och d'Schold vun dëser Regierung ënnert dem Xavier Bettel: **Fir d'éischt mat engem Spuerpak déi sozial Prestatioune kierzen, an duerno d'Sue via eng Steuerreform rëm verdeelen, vun där d'Betribler an déi Räich erëm am Meeschte profitéiert hunn.**

Här President,

Mer haten gëschter nët nëmmen eng historësch kuerz Ried, mer haten och en weideren Novum. Fir d'éischte Kéier hunn an der schrëftlecher Fassung vun enger Ried zur Laag vun der Natioun d'Logoën vun **4 privat Boïten** gegläntzt. Et woaren déi vun der **4 groussen Rating-Agencen**. Dëst ass schons bezechent. An ët weist wéi wäit an wéi selbverständlech d'Verknüpfung vun privaten an ëffentlechen Interessien ass.

Et ass nach guer nët esoulaang hiir, datt de Spëtzekandidat vun der Lëtzebuergescher Sozialistësch Oarbëchterpartei - Wirtschaftsminister Etienne Schneider – eng aner Lobbygrupp, nämléich ABBL – d'Associatioun vun den Banken an Banquiers - , als "*premier conseiller de gouvernement*" bezechent. An daat ass méi wéi bedenklech, an ët ass en Deel Äntwert op d'Fro: an *wiem* séngen Interessien hei Politik gemeet gëtt - *wien* profitéiert a *fir wien* dës - an nach vill méi déi viiregt Regierung - hiir Steierpolitik mécht.

Et ass schonn erstaunlech, wéi déi successiv Regierungen et ëmmer rëm fäerdeg bruecht hunn, hiir Steierpolitiken bei de Leit ze verkafen. D'Haaptargument, dat bei esou Geleeënheeten ëmmer erëm kënnt, ass, datt mer musse **kompetitiv** bleiwen. Dat betrëfft awer an éischer Linn net déi produktiv Industrie oder déi kleng a mëttelstänneg Betribler. Wa mer elo op e nominalen Taux vun 18% wäerten erof goen, dann ass dat net an éischer Linn fir datt de Coiffeur um Eck oder d'Supermarkéë méi kompetitiv ginn.

Nee, wann et heescht, mir missten alt nees d'Steieren op d'Fortunen, op d'Kapitalrevenue oder d'Beneficer vun de Firmen erofsetzen, wa stänneg nei Steiernischen agefouert ginn, wéi d'Patentbox virun e puer Wochen, da geet et ëm d'Kompetitivitéit vun engem ganz spezifesche Secteur, nämlech ëm dee Secteur vun der Finanzplaz, dee säi Geld mat Steiertrickserei verdéngt. Mat « **optimisation fiscale** », wéi et sou schéin heescht, virun allem fir Multinationalen a Multimillionären.

An do bäisst d'Kaz sech an de Schwanz : Ouni déi **Stiertricksereien**, sou gëtt behaupt, ass eise Budget net soutenable. A well et déi Steiertrickserei gëtt, kënne mer leider keng Steiergerechtkeet hierstellen a mussen en enormen déchet fiscal op nationalem Niveau akzeptéieren. Ech ka mer virstellen, datt déi Zwéckmillche gewësse Leit hei am Land ganz

gutt arrangéiert.

Mä wat bréngen déi Stierricksereien eis wierklech ? Ass et tatsächlech esou, datt de Staatsbudget an e Koup fale géif, wann een déi Steiernische géif lues a lues ofbauen ?

D'Wourecht ass : mär wëssen et net. Et gëtt dozou keng Zuelen, keng Analysen a keng Statistiken. D'Vollek ass gebieden ze gleewen, datt dee Secteur esou enorm wichteg ass - a fir de Rescht soll kee Froe stellen.

Genee wéi beim **Tanktourismus**, wou mer joerzéngtelaang gesot kruuten, datt deen esou onheemlech wichteg wier fir Lëtzebuerg, bis datt dann eng *wëssenschaftlech Etüde* weist, datt en eis bäi wäitem méi kascht, wéi en eis abrénkt.

Déi Steiernische fir d'Finanzplaz kaschten eis och vill. Den enormen **Déchet fiscal** op nationalem Niveau an déi **sozial Konsequenzen**, déi domadder verbonne sinn, hunn ech schonn ugeschwat. D'Auswirkungen op den **Immobiliesektor** sinn och enorm, zum Beispill wann et drëms geet Superräicher unzezéien, déi d'Präisser an d'Luucht dréiwen oder zum Beispill wann déi ganz grouss Promoteuren iwwert SICAVE fueren, fir enger Besteuerung vun der Plus-Value ze entgoen.

Da kommen d'Käschten an d'Auswierkung vun deem héije Wuesstem dobäi, dee jo zum Deel och vun deem Secteur gedriwwen ass.

Schwätze muss een och iwwert d'Répercussione vun deem Secteur op de Ruff vum Land am Ausland oder op säin negativen Afloss op déi lëtzebuergesch Demokratie.

Och de politesche Spillraum vu Lëtzebuerg zu Bréissel ass extrem ageschränkt, well mer all eise Kredit verspillen, fir d'Privilegier vun engem bestëmmte Secteur ze verteidegen. An da misst ee jo och nach déi negativ Auswierkung vun deene Steiertricksereien op déi europäesch Wirtschaft a Betruecht zéien, wat och jo och zwangsleefeg Repercussione op eis eegen Economie huet.

Mir wëssen net, wat déi Steiertricksereien eis kaschten a mir wëssen net, wat se eis abrénken. Mä eppes ass kloer: de Staatsbudget berout net majoritär op de Recettë vun deem Steuerbuisness. E berout virun allem op der Lounsteuer.

A wann een d'Kapital ëmmer manner besteeiert an d'Profitter ëmmer manner besteeiert, fir beim Steierdumping mat deenen anere Finanzplaze kënne matzehalen... ma da berout de Staatsbudget zwangsleefeg ëmmer méi op der Lounsteuer. An da bleift engem och näischt anescht iwwreg, wéi ëmmer méi Lounsteuer an ze hiewen, dat heescht ëmmer méi Aarbechtsplazen ze schaffen. An dat heescht schlussendlech, datt déi Politiker, déi stänneg vu qualitativem Wuesstem schwätze, eigentlech eng Politik bedreiwen, déi de quantitative Wuesstem onausweichlech mëscht.

Den Elefant mëtten am Gank, deen all Progrès verhënnert an dem Land all d'Zukunftsperspektive verbaut, ass deen Deel vun der Finanzplaz, dee säi Geld mat

Steiertricksereie verdängt. Net déi ganz Finanzplaz, well, wéi d'Akteuren et jo selwer soen, de gréissten Deel vun der Kredibilitéit vun der lëtzebuenger Finanzplaz berout op der Kompetenz a net op just de Steiernischen.

Mëttlerweil gëtt et jo och e Secteur hei, deen sech an der nohalteger Finanzéierung engagéiert. Et geet also net ëm d'ganz Finanzplaz als Solches, mä ëm een Deel vun der Finanzplaz, dee groussen Entreprises a Milliardäre bei der Steieroptiméierung hëlleft.

Wa mer wëllen aus dem aktuellen Däiwelskrees ausbriechen an eng nohalteg Entwécklung aleeden, da féiert kee Wee derlaanscht : Mir müssen ufänken driwwer ze diskutéieren, wéi mer progressiv aus deene Steierspuermodeller eraus kommen. An daat mat mat enger klorer Strategie.

Laangfristeg sinn déi Aktivitéite souwiesou net ze halen, well eis europäesch Noperen deem net éiweg wäerten nokucken. Mir müssen éierlech analyséieren, wat dee Business eis wierklech abrängt an dat dann ofweie géint alles dat, wat en eis - an de Rescht vun der Welt - kascht. Mir müssen eis Froen, op dee Modell weiderhin d'Zukunft vum Land ass, oder op e net *justement* zur Vergaangenheet gehéiert.

De Staat brauch Geld fir d'Zukunft vum Land fir ze bereeden. De Staat brauch Geld fir Wunnengen ze bauen, fir den ëffentlechen Transport auszebauen, fir d'Schoul- a Gesondheitsstrukturen unzepassen, fir endlech déi ökologesch Transitioun anzeleeden a fir d'Weichen ze stellen op eng Gesellschaft, déi ouni en démésuréierte Wuesstem auskënnt. An dat geet just, wa mer d'Recetten erhéijen duerch e méi faire a solidarésche Beiträg vun de groussen Fortunen an den Entreprises.

Här President,

Wuesstum heescht bei eis am Land schon laang nët méi: allgemengem Wuelstand. Dobäi ass den Wuesstum un sëch nët de Problem, mee d'Fro wéi en verdeelt gëtt an wéi en organiséiert gëtt.

Wien profitéiert vun där grousser Croissance?

An *wien* geréit trotz a grad wéinst dem Wuesstum ënner d'Rieder?

Wann de Wuesstum nët méi allen Mënschen an enger Gesellschaft ze gudd kënnt, dann hu mer e seriö'en Problem. Dann ass déi sozial Entwécklung am Land fundamental gestéiert an déi sozial Kohäsion op d'Spill gesaat. An dowéinst funktionnéiert och den soziale Lift nët méi.

Guer nët dovunner ze schwätzen, datt deen Wuesstum Erausforderungen un eis Gesellschaft an hiir Infrastrukturen stellt, déi mer esou nët einfach meeschten kënnen.

Mer loafen lo schon den verpassten Entwécklungen virun Joerzénkten hannendrun. A och dës Regierung huet nët d’Kraaft, fir zukünfteg Entwécklungen ze anticipéieren. Kee Land a Siicht. Néierens.

De Wuesstum ass awer steuerbar, nët 100% - daat ass sécher, mee en kann awer encadréiert ginn. Prinzipiell iwver 2 Instrumenter: 1. Landesplanung, wou mer nach ëmmer nët richtig vum Fleck kommen an 2. (an daat ass daat wichtegst) iwver Steierpolitik. Bis elo ass daat jhust an eng Richtung gaangen: Steieren erof an nei Steiernischen schaafen, fir datt méiglechst vill Entreprises op Lëtzebuerg kommen. De Staat kritt zwar dann relativ manner Recetten, well manner Steieren, mee duerch d’Masse vun de Betriiber gëtt den Steierausfall kompenséiert. Duerfir: wann mer nët iergendwann ënnert dem Wuesstum erstécken wëllen, kommen mer nët derlaanscht, déi Politik vum Fiskaldumping aus denen leschte Joëren emol grondsätzlech op Leescht ze huelen.

An mer hunn Sputt:

PWC gëtt all Joër hiir Broschür **Paying Taxes** eraus, déi

....

Här President,

Zanter gefillten Eiwegkeeten gëtt iwver Diversifikatioun vun eiser Wirtschaft geschwaat an datt mer mussen aner ekonomesch Standbeener opbauen. Mer mierken zwar, datt d’Gewiicht vun der Finanzplaz och ënner dëser Regierung nach weider zougeholl huet, - jo verschiddener dinn alléng beim Gedanken un den Brexit schons d’Sabbeldicher un - mee ët sinn awer och interessant Initiativen ergraff ginn.

Stëchwierder sinn do: d’Economie circulaire, de Wood Cluster, Logistik, d’Recherche an Digitaliséierung. Daat sinn alles duerchaus sënnvoll Pisten, déi nach ausbaubar sinn.

Mee bei engem Punkt kënnen mer sécher nët averstanen sinn: daat sinn d’Erhéijungen vun den Militärbudgeten mam Ziel eng Zort Mllitärindustrie zu Lëtzebuerg opzebauen. Dës Regierung huet eist Land beim NATO-Sommet zu Wales dozou verpflichtet hiiren Verteidigungsbudget bis 2020 ëm iwver 50% an d’Luut ze setzen.

Esou héich, datt an e puer Joër d’Militärausgaben méi grouss waerten sinn ewéi déi vun der Entwécklungshëllef. Lëtzebuerg dréit also säin Deel bei zu enger kompletter geckegeger Oprüstungsspiral, déi Krichsgefoër nët méi kléng mécht, mee méi grouss.

Dobäi ass den Militärtransporter A400M eng Aallaascht, déi nët nëmmen elo schon 200 mio kascht huet, mee och nach am Ennerhalt weider 420 mio. Wesentlech méi geféierlech sinn d’Initiativen ronderëm eis Militärsatelliten, nët nëmmen den GovSat, mee och den neien Satellit, deen präzis Biller och a Krichsgebitter schéissen kann an d’Klenggeheet vun 170 mio.

Kascht, sinn Deel vun enger Regierungsstrategie fir hei eng Rüstungsindustrie opzebauen mat anstännegem Profitter.

Dogéint waerte mär als Lénk eis wieren. An ech kann nëmmen erstaunt sinn, datt een vun denen Gréngen bei denen doten Froën näischt héieren huet. Hunn se déi Zäiten vergiess, wou sin ach en aktiven Deel vun der Friddensbeweegung woaren.

Här President,

An der Ried vum Premierminister an de Joren virdrun, huet hien ëmmer – wann och kuerz – d’Klimapolitik ugeschwat. Dëst war 2015 an 2016 natierlech och e spannend Thema, wëll sou konnt gemaach ginn, wéi wa Lëtzebuerg an d’Regierungsarbeitsbericht quasi eng pièce maîtresse vum Zustandekommen vun dem Paräisser Klima-Accord gewiecht wäeren.

D’Regierung kann sech awer net un der COP21 mosse loosse, mee muss sech virun hierem Bilan vun de leschte 5 Joer verantworten. An do muss een dann awer scho wäit siche goen, fir wierklech Initiativen fir de Klimaschutz ze fannen.

Déi eenzeg wierklech wirksam Measure a Saache Klimapolitik vun dëser Regierung ass de Klimapakt. Dat ass sécherlech en interessant Instrument op lokalem Plang, mee wat awer nëmme komplementär ka sinn, zu enger nationaler Strategie, déi sech och an de Kader vun der Groussregioun afüge muss.

An do läit de Problem: säit der COP21 kréie mer en neie Klimaaktionsplang an Aussicht gestallt, mee zwee an d’halleft Joer méi spët läit nach ëmmer kee vir.

Et gëtt also absolut keng national Strategie, zumindest keng déi eis bekannt wir, fir d’CO₂-Emissiounen drastesch ze reduzéieren an de lëtzebuergesche Bäitrag zum Klimaschutz ze leeschten – e reelle Baitrag wuelverstanen, mat Mesuren op eisem Territoire, an net mat akaaftene Mesuren aus dem Ausland, wou aaner Leit den Effort fir eis maachen.

Ech gi 4 Beispiller iwwer verpasste Chancen an der Klimapolitik:

(1) Den Tanktourismus: bal d’Hallschent vum CO₂, dee fir Lëtzebuerg comptabiliséiert gëtt, kënnt just aus dem Tanktourismus, do ass de Sprit, dee vu Résident’en getankt gëtt, mol net agerechent. De ganz grouse Gros vun dem Sprit gëtt vu Camion’en getankt, déi deelweis wäit Ëmweeër dofir fueren. D’Regierung huet eng Etüd doriwwer an Opdrag ginn, déi kloer beseet, dass d’ökologesch an d’mënschlech Käschten vun dëser Nisch, déi finanziell Recetten däitlech iwwersteigen. Aktiv ginn ass d’Regierung awer trotzdem net, d’Etüd läit am Tirang an do bleift se wuel och bis op weideres.

(2) Erneierbar Energien: Säit des Regierung ugetrueden ass, huet den Undeel vun den Erneierbaren am Energiemix quasi stagnéiert. Den Ausbau vun dëser

Energieerzeugung ass awer d'Réckgrad vun der ekologescher Transitioun vun all Wirtschaft, wëll se nei Produktiouns- a Verwertungsketten créiert, nei Beruffer an nei Aarbechtsplazen schafft a d'Recettequelle vum Staat op eng méi breet an nohalteg Basis stellt. Andem d'Regierung sech dofir entscheed huet, dee Wee net ze goen an dofir erneierbar Energie am Ausland anzekafen, huet se d'ekologesch Transitioun net op muer, mee wéi sot de Premierminister, wéinstens mol op iwermuer verluecht.

(3) D'Energieefficacitéit: d'Verbesserung vun der Dämmung vu Wunnengen, déi klimapolitesch interessant ass an awer och en Instrument fir akommeschwache Stéid ze hëllefen, huet d'Regierung ofgeschenkt. mat engem Alibi-Projet, der sougenannter Klimabank. D'Ausgaben, déi d'Regierung bis 2021 fir dëse Posten virgesäit, si beschtefalls anekdotsch.

(4) D'Landwirtschaft: d'Reform vum Agrargesetz an de ruralen Entwécklungsplang, déi d'Regierung 2016 gestëmmt huet, droen de klimapoliteschen Erausforderungen iwerrhaapt net Rechnung. D'Subventiounspolitik dréit zu enger Konzentratioun vun de Betriiber bäi a virun allem gëtt d'Gewiicht ëmmer méi op eng intensiv Fleisch- a Mëllechproduktioun geluecht, déi mat hieren Niewenerscheinungen eng immens Belaaschtung fir d'Klima, d'Waasser, d'Biedem an d'Artevielfalt duerstellt.

Här President,

Dëst Land steet op enger Kräizung, an mer mussen eis decidéieren, wou mer hin wëllen: entweder mer maachen weider esou, wéi bis elo, mat all denen Konsequenzen, déi mer lo schon gesinn oder mer orientéieren eis ëm an maachen domadder nei Perspektiven op.

Einfach weidermaachen wéi bis elo géif bedäiten: eng Minoritéit beräichert sëch op Käschten vun den Villen hei am Land, gedriwwen vun enger schiefer Wuesstumsdynamik, daer mer wéi den Zauberlehrling hannendrun loafen an nët nokommen. En Wirtschaftsmodell, deen op Steiertricksereien berout, fundamental ongerecht ass an vun deem ëmmer manner Leit hei am Land eppes hunn. Ënnert deem séngem Drock, d'Wunnenspräisser an d'astronomëscht klammen, an d'sozial Segregatioun zu Lëtzebuerg ëmmer méi grouss gëtt. An deen eis an der internationaler Ëffentlechkeet ëmmer nees erem wéi Schmuddelkanner am Eck stoë léisst.

Oder awer mer denken ëm a mer sinn bereet eist Land ze veränneren: Hin zu engem Land, an deem d'Economie dem Mënsch déngt an nët ëmgekéiert, E Land, daat séng Souveränitéit dozou notzt Kompetenzen opzebauen, an nët dubiéis Nischen,

E Land, daat an Kooperatioun mat séngen Noperen schafft, an nët an permanenter Konkurrenz zu hinnen wierkt,

E Land, an deem Oarbécht sèch lount an d'Mënschen och vun där Oarbécht éierbar liewen kënnen, an nët mussen Angscht hunn an d'Oarmut oafzerutschen,

E Land, waat sèch zum Ziel setzt déi materiell Oarmut auszeläschen an nët probéiert se ënner den Teppëch ze kieren,

E Land, datt ët all Bierger erméiglecht, anstänneg ze wunnen ouni sèch mussen iwwer béid Oueren ze verscholden oder Loyers ze bezuelen, déi engem d'Loft zum Otmen huelen;

E Land, an deem de Schoulsystem déi sozial Ënnerscheeder tèscht de Kanner méi kléng mécht, amplaatz se nach ze verstärken,

E Land, an deem de Schutz vun der Biodiversitéit an den natierlechen Ressourcen als Atout ugesinn gëtt an nët als lästegt Hindernis,

E Land, daat resolut an d'Energietransitioun investéiert an nët iergendwëllech Statistiken op dem aneren Enn vum Kontinent akeeft,

E Land, daat séng Landwirtschaft biologesch ëmbaut, an nët op rieseg agro-industriell Konzernner setzt,

E Land, an deem de Generatiounevertrag tèscht Jonke an Aalen erneiert an bekräftegt gëtt an nët een géint deen aneren ausgespillt gëtt,

E Land, an deem eeler Leit de Respekt an déi Plaatz an der Gesellschaft kréien, déi se verdéngt hunn, an nët als ze reduzéierenden Käschtefaktor gesinn ginn,

E Land, an dem Jonker wierklëch Perspektiven hunn fir hiir Dreem, Wënsch an Hoffnungen kënnen ze erfëllen,

E Land, an deem Kultur Mëttel an Ausrock vun der Emanzipatioun vun den Mënschen ass, an nët degradéiert zu engem Amusement bei Schampesreceptiounen,

E Land, an deem d'Mënschen déi vill Sproochen als Staerkt an Bréck erliewen, an nët als eppes, waat eis vuneneen trennt,

E Land, an deem déi breet breet Schëlleren méi droën ewéi déi schmuel,

E Land, daat ronderëm Werter vun Fräiheet, Gläichhet a Solidaritéit opgebaut ass.

Jo, daat ass e ganze Programm. Mä mengen, datt ët sèch lount, duerfiir ze schaffen. Mee duerfiir brauchen mer en Emdenken. Mee virun allem brauchen duerfiir eng aner Politik!